



Äntwert vum Sportsminister op d'parlamentaresch Fro n° 6588 vum 1. August 2022 vum honorabelen Deputéierte Fred Keup iwwer d'Benotzen vum Stade de Luxembourg.

D'Staad Lëtzebuerg ass Propriétär vum Stade de Luxembourg. Déi zoustaenneg Instanzen vun der Staat Lëtzebuerg hun dofir och Tariffer fixeiert waat d'Benotzen vun den verschiddenen Infrastrukturen am Stade de Luxembourg betrifft. Desweideren gin d'Konditiounen vun der Bereetstellung vum Stade de Luxembourg un d'Federatiounen respektiv un d'Verainer per Konventioun zweschen dem „exploitant“ der Staat Lëtzebuerg an dem „organisateur“, der Federatioun oder dem Verain, festgehalen.

1. Ass séchergestallt, datt d'Tariffer vun der Gemeng Lëtzebuerg just d'Käschten decken?

Jo, Tariffer vun der Gemeng Lëtzebuerg decken bei waitem Käschten net.

2. Ass ugeduecht, datt de Sportsministère de betraffene Verainer a Verbänn bei de Stadionkäschten hëllef oder si mat engem Subsid iwwerhëlt?

Ech verweisen den honorabelen Deputierten hei op d'Aentwert op d'Froe N°6521 ewou eraus erfir geet dass déi entspriechend Verainer, respektiv Verbänn een aussergeweinlechen Subsid beim Sportsministär ufroen können op Basis vun engem detailléierten Décompte deen déi do Käschten matabegräiff an ewou dann och eventuell Subsiden vun europäeschen Federatiounen mat berücksichtig gin.

3. D'UEFA an d'FLF si ganz aktiv fir Fussballverainer finanziell ze hëllefen, dat och duerch Sue fir esou europäesch Matcher ze spillen. Ass et sënnvoll, Ekippen, déi duerch hire sportleche Meritt europäesch Qualifikationsmatcher daerfe bestreide fir Infrastrukture bezuelen ze loossen, déi keng aner Daseinsberechtigung hunn wéi eben Mätcher ze spillen?

Ech verweisen dann do op d'Aentwert op déi 2. Froe, wuelwessend dass am Stade de Luxembourg och aner Eventer stattfannen können, ewei nemmen Mätcher.

Luxembourg, le 27 septembre 2022

Le Ministre des Sports

(s.) Georges Engel